# ALLGEMENG SPILL REEGELEN

- **LABEERINTH** kann mat **bis zu 8 Persounen** gespillt ginn, am Spill sinn allerdengs 10 Däppecher dran, déi dier mad den Stickeren personaliséieren kënnt.
- No laangen Recherchen, recommandéieren mir bei dëssem Spill Béier ze saufen, mee natierlech kennt dir och äert Lieblingsgedrénks auswielen; op eegen Gefoor...
- **LABEERINTH** gëdd mad engem eenzegen Würfel gespillt.
- Fir d'Spill unzefänken, wierfelt jiddwereen eng Kéier. Deen mat der héchster Zuel fänkt un, wann zwee oder méi Leit déi selwecht Zuel wierfelen, mussen just déi Leit d'Prozeduer widderhuelen.
- Den éischten Spiller deen op d'Feld "Hang-OVER" kennt, gewënnt d'Spill, domadder ass d'Spill automatesch fäerdeg. Bis dohin misst der all gudd voll sinn, falls nëd, (wow) Ronn 2.
- Fir op dat lescht Feld ze kommen, muss een déi genau Zuel wierfelen. Wann der méi eng héich Zuel wierfelt wie déi, die der braucht, muss der bis déi next Ronn warden fir erem kennen ze wierfelen. Ausserdem drënkste déi Unzuel Schluppen, déi den Würfel weist.
- Wanns du de Wierfel vum Dësch geheis, zielt dad Resultat ned, du muss déi Ronn aussetzen an du drënks esou vill Schluppen wéi den Wierfel uweist. Déi hëllefen der hoffeltech nexte Kéier besser ze zielen du Hennes!
- Wanns de während dem Spill op d'Dëppen muss, drenkste mol als éicht ee Kuerzen. Wann déi éischt Persoun op oder iwwer d'Feld HALFTIME DRINKS (26°) kennt, gëdd d'Spill ennerbrach an ed däerf jiddwereen op d'Toilette goen.

**WICHTEG: DON'T DRINK & DRIVE.** Maach kee Schäiss wannsde Schäiss mëss, bleiw esou laang beim Gastgeber biss dass de erem riicht aus kanns kukken (bis dass de niichter bass!). Schließlech hunn mer erch io gären, dier Dëlpessen.

# FELDER

**0° START:** A LASS mam Geseffs!

**1° EVERYONE DRINKS**: Wëllkomm Krunnemécken, jiddwereen muss eng gudd Schlupp drénken.

**2° WATERFALL:** Du fänks mam Wasserfall (mad drénken) un, nëmmen wanns du ophälls mat drénken, kann déi Persoun déi no dir ugefangen huet, ophalen mat drénken, an esou wieder.

**3° CHICKS DRINK:** Dammentour, eng Schlupp

**4° OFFER 4 SIPS:** Verdeel 4 Schluppen. Du kanns se all déngem beschten Kolleegin/Kolleeg ginn oder se opdeelen wéi de Jesus et giff maachen.

**5° MAKE A RULE:** Du dierfs eng Reegel erfannen, deenjéinegen deen sech net drun hällt, muss eng Schlupp drénken. Sief kréativ. Du kanns net eng Reegel mat enger anerer Reegel réckgängeg machen. All d'Reegelen gellen bis zum Schluss vum Spill.

**6° CLAP:** Eemol an d'Hänn klappen: de Noper op dénger lénker Säit muss an d'Hänn klappen. Wanns du zweemol an d'Hänn klapps, get d'Richtung geännert. Deenjéinegen deen méi wei 2 Sekonnen brauch, dierf sech 3 Schluppen gönnen.

**7° RIGHT DRINKS:** Däi rietsen Noper hëllt 3 Schluppen.

**8° DICKS DRINK:** D'Raiberen mussen eng Schlupp drénken, Prost.

# FELDER

**9° HELGA:** Félicitatioun, däi neie Numm ass ab elo Helga (bis zum Schluss vum Spill). Jiddwereen déen dech net mat déngem neie Numm nennt, muss eng Schlupp huelen. Wann däi richtege Numm sollt Helga sinn, mussen all déi aaner 3 Schluppen huelen, du bass genuch bestrooft... Wann déi nächst Persoun op dat Feld kennt, dierf dat éischt Helga der zwéeter Persoun een neien Numm aussichen & esou weider...

**10° CHUG:** EX däi Gedrénks du Gléckpilz. Falls manner wéi 5 Schluppen an dengem Becher sinn, fëlls du en als éicht emol op!

**11° DRINK 3 SIPS:** Gemittlech 3 Schluppen fir dech ganz alleng.

**12° DRINK BUDDY:** Sich der een Drénkpartner, dée Glécksmensch muss all kéiers eng Schlupp huelen wanns du eng drénks. Wanns du ee Shot oder méi wéi 1 Schlupp misst drénken, muss däin Drénkpartner just 1 Schlupp huelen. Drink Buddies sinn just Relatiounen tëscht 2 Persounen; wann A en Drénkpartner B huet & B huet säin eegenen Drénkpartner C, dann falls A muss drénken, muss just B nach eng Schlupp huelen.

**13° LEFT DRINKS:** Däin lénken Noper huet déi Chance nach méi voll ze ginn. (3 Schluppen)

**14° THUMB MASTER:** wanns du däin Daum op den Dësch lees, muss jiddwereen dat nomaachen. Dei LESCHT Persoun déi säin Daum um Dësch hued, muss drénken. Du bass esou laang den Thumb Master bis déi nächst Persoun op dat Feld kennt an domad d'Däumling Fähegkeet iwwerhëllt.

**15° ONE SHOT & ONE SHOT:** du muss ee Shot drénken & du hues d'Chance een vun déngen Kollegen mat an d' Verdierfnes zéien verdéel ee Shot

**16° NANNY TIME:** Du bass d'Nanny, déng Missioun ass jiddwerengem säi Wonsch vun den Lëpsen ofzeliesen: dat heescht jiddwerengem dat wat en well drénken bei den Dësch ze bréngen, bis dass deen nächsten op dësst Feld kënnt an domad d'Nanny gëdd. Wann d'Nanny net sollt um Dësch sinn & et gëtt awer grad gedronk, wéi zum Beispill beim Thumb Master & änlech Felder, ass d' Nanny net mad abezunn.

**17° 6 FIELDS BACK:** Du aarmen Geescht, gei 6 Felder zeréck, op d'Feld 11.

**18° TIME OUT:** Keng Panik op der Titanic, näicht geschitt (wéi an dengem Sex-Liewen)

**19° STAND UP FOR THE QUEEN:** All Kéiers wanns du opstees, mussen all déi aaner Spiller och opstooen. Deen leschten Spiller deen sain Aasch an der Luut hued, muss dann eng gudd Schlupp saufen. Du bass esou laang Queen bis daad/ deen Nächsten op d'Feld kennt.

**20° RHYME:** Soo e Wuert, däin rietsen Nooper muss mad engem (richtegen) Wuert entweren, dat mat dengem reimt, an esou weider. Deen éischten deen verkackt, muss 3 Schluppen drénken. Du hues 5 Sekonnen fir ze äntweren.

**21° SHOW LAST PIC:** Weiss jiddwerengem déi lescht Foto vun dengem Handy (Gallerie), wanns de dat NET wells, dann muss de dain Becher exen, du Päif.

**22° ELEVATOR:** A poulriicht op d'Feld Nr.30, hoffen du bass prett fir den Special Drink.

**23° NEVER HAVE I EVER:** Ech hun nach nie... Dann erziels du der Ronn eppes, waadsde nach nie gemaach hues. Jiddereen deen déi Knaschterei schon gemaach hued, drénkt 3 Schluppen.

**24° YOUNGEST DRINKS:** Rookie et as un dir, drai Schluppen fir de Bebe.

**25° LIKE AN ANIMAL:** Du wiels en Déier aus, du mechs daad Déier dann noo. Dono muss jiddereen der Rei noo dad Déier noomachen. Deen mat der schlechster Imitatioun( vum ganzen Grupp gewielt), muss 3 Schluppen drénken. Wëllkomm am Zoo.

# FELDER

**26° HALFTIME DRINKS:** D'Halschent vum Labberinth ass gepackt! Dorop gëdd geprost, 3 Schluppen vier jiddwereen. Zousätzlech Info: Subaal déi éischt Persoun iwwert/op dësst Feld kennt, dierf der All eng Kéier op d'Dëppen gooen.

**27° MAKE A RULE:** Feld N.5°

**28° STEEN, SCHEIER, PABEIER :** Sich der ee Matspiller, Verléierer drénkt 3 Schluppen.

**29° OLDEST DRINKS:** Prost du aale Saack.

**30° SPECIAL DRINK:** Eng speziell Liwwerung direkt an déng Panz! Huel ee Shotglas, jiddwereen vum Dësch dierf e bessen vun engem Gedrénks an dat Glas fëllen, bis dass d'Glass voll ass. Bonne dégustation.

**31° COVID19:** Jiddwereen den op dat Feld kennt, muss an d'Quarantaine! All Kéiers wanns du een upécks, muss du eng Schlupp drénken. Falls een widdert dech kënnt, muss deen eng Schlupp huelen. (Eenzeg Ausnahm vier dëss Regel ass den „Grouphug" Feld 41°)

**32° NO 'YES' OR 'NO':** Et dierf een net méi JO oder NEE soen, egal a wéi enger Sproch! Bis d'Spill fäerdeg ass! Soss muss deejeinegen eng Schlupp drénken.

**33° SHOT:** Drénk ee Kuerzen, deng Matspiller kennen décideieren waad se dier dran-schëdden. Hoffentlech kënnen se dech gudd richen...

**34° STARING-CONTEST:** Sich der ee Partner aus, dir musst iech intensif an d'Aaen kucken, deen éischten deen laacht, muss 3 Schluppen huelen.

**35° COIN FLIP:** Gehei eng Mënz : Kapp – jiddwereen drénkt 3 Schluppen / Zuel – DU drénks 3 Schluppen.

**36° DRINK 3 SIPS:** Prost du Pegelkand.

**37° TELL A JOKE:** Ziel der Ronn däin beschten Witz, wann keen laacht, muss de 3 Schluppen huelen.

**38° OFFER 5 SIPS:** Big spender.

**39° GO BACK 3 FIELDS:** HAHA

**40° SPECIAL POWER:** Weis jiddwerengem deng Special Power; een Trick deen just du mengs ze kënnen. Wann een aneren däin Trick noomachen kann, muss DU eng Schlupp drénken, wann net, mussen all déi aner um Dësch eng Schlupp huelen.

**41° GROUP HUG:** Teletubbies schmusen.

**42° FACEBOOK STATUS:** Gëff däin Handy déngen léiwen Matspiller. Déi posten dann een Status op déngem Facebook, DU kanns de Status eréischt löschen, wann dat ganz Spill eriwwer ass. Fir all LIKE/Kommentar deens du dofier kriss, muss du eng Schlupp huelen. Wanns de kee Facebook hues oder nëd wells, drénk ee Shot – déng Matspiller kënnen auswielen wéi eng Zort vu Shot.

**43° TAKE A BREAK:** Du kanns dier eng Paus gönnen. Bis et erem un dengem Tour ass, kann keen dech zwéngen ze drénken. Genéiss deng Ziiks, dain Chu, keen intresséiert ed.

**44° BACK TO START:** Du bass geféckt.

**45° DICE GAME:** Loss de Wierfel rullen, du muss esou vill Schluppen drénken ewéi d'Zuel um Wierfel , wierfelst du allerdings eng 6, dierfsde de 6 Schluppen verdeelen.

**46° MAKE SEX NOISES:** Geff eis déng bescht Performance oder drénk ee Shot.

**47° BLACK HOLE:** Armen Wiermschen – zeréck op d'Feld Nr.15.

**48° DRINK 3 SIPS:** Prost du Vollert.

**49° EVERYONE SINGS A SONG:** Du kanns der ee Lidd aussichen & jiddwereen MUSS matsangen. Déijeineg déi ned mad sangen mussen hieren Becher ausdrénken.

**50° GROUP SELFIE:** Muer soot der eis Merci.

**51° GIVE AWAY 3 SHOTS:** Ween wellsde oofschéissen? Du dierfs 3 Kuerzer verdeelen.

# FELDER

**52° DRINK 2 SHOTS OR BACK TO START:** Iwwerlee der gudd waadsde entscheeds Kolleg vum Fleesch!

**53° TOURNEE GENERALE:** Jiddwereen drénkt nach eng lescht gemellisch Schlupp an denkt driwwer noo, wéi stolz der är Elteren haud erem gemaach hudd!

**54° HANG OOOOOVER:** Gleckwonsch, dier sidd besoff.




PLEASE, DON'T DRINK AND DRIVE